JAERLING Aly
Gemengeroot
1 Otherstrooss
Postkëscht 269
L- 4003 Esch/Uelzecht

Esch/Uelzecht, den 06.01.2010

Un de
SCHÄFFEROOT VUN DER
GEMENG ESCH/UELZECHT
POSTKËSCHT 145
L-4002 ESCH/UELZECHT

Betrëfft: Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotsëtzuung

Madame Buergermeeschter, Madame, Dir Hären Schäffen!

Kënnt Dir w.e.g. op Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotsëtzung folgende Punkt beifügen:

Spezialt Verkéiersreglement fir Hëllefsdéngschter an Dokteren déi Heembesuch machen

Eng dementspriechend explikativ Motioun leit bei!

Merci am Viraus, e schéinen Dag an en schént a glécklecht Neit Joer.

Aly Jaerling

15.01.2010
Dépôt
Aly Jaerling

Motioun

De Gemengerot, zur Kenntnis huelend,

datt an eiser aktueller Gesondheetsphilosophie d'Bestriewe besteet, d'Mënschen esou lang ewéi méiglech an hirem Eegenheem ze betreien, fir se engersäits an engem gewinnten Emfeld ze loossen, an aneresäits awer och déi staatlech Gesondheetsstrukturen nët ze vill ze belaaschten;

datt fir dëst ze erméiglechen, eng Rei parallel Hëllëfstrukturen entstane sinn, wéi zum Beispill Hëllëf doheem, oder Help, oder Iessen doheem, e.t.c., déi ët de Mënschen, déi ët wënschen, erméiglechen sëch doheem betreien ze loossen;

datt och Dokteren, besonnesch d'Generalisten nach ëmmer vill Hausbesich machen, an domadder och am Déngscht vun deene Mënschen stinn, déi sëch doheem betreien wëllen oder musse loossen;

datt dës Hëllefsdéngschter meeschten nëmmen e puer Minuten respektiv och ¼ Stonn daueren;

datt awer ganz oft fir déi Hëllefsdéngschter vill Parkproblemer entstinn, wéint dem Parkengpass daagsiwwer, an datt se doduerch oft substantiell Verspéidungen kréien fir beim Patient zum optimalen Zäitpunkt unzekommen;

datt awer besonnesch beim Hëllefspersonal fir Mënschen déi an der Dépendance sinn, d'Zäit genau bemieess ass, waat d'Betreiung vun de Patienten betrëfft an se sëch keng Retarden erlabe kënnen;

datt de Gemengerot sëch bewosst ass, datt een deenen Hëllefsdéngschter misst entgéint kommen, fir datt se d'Patienten ouni Verspéidung kënne betreien an och nët permanent dem Risiko augesaat sinn falsch ze parken an domadder Stroofziedelen riskéieren, fir mat Zäiten do ze sinn;

datt de Gemengeroot informéiert ass, datt ët an der Uertschaft Etterbeek (Regioun Bréissel) an der Belsch en speziellt Parkreglement gett fir Hëllefdéngschter waat esou ausgesäit:

"d'Gemengeautoritéiten stellen deene Leit, déi hir Garagenafoart den Hëlleffsdéngschter zur Verfügung stellen fir virun hirer Garage ze parken iwwer déi Zäit wou se Hëllefsdéngschter leeschten, eng dementspriechend Vignette aus déi se op hir Garagendiir päschen, waat den Hëllefsféngschter erlaabt do ze parken ouni en Stroofziedel ze rikséieren an domadder hir Hëllefsdéngschter optimal kënnen ze entriichten";

datt et sënnvol wir, esou en System och op dem Escher Territoire anzeféieren an doriwwer eraus esouguer beim zoustännege Ministère respektiv beim Legislateur anzwewierken, datt landesweit esou een System am Interesse vun den Hëllefsdéngschter an hire Patiente kann agefouert gin;

fuerdert de Schäfferoot op,

en speziellt Reglement auszeschaffen, daat eng Vignette afféiert déi d'Leit kënnen op hir Garagendiir peschen, wann se dermatt d'accord sinn fir datt d'Hëllefsdéngschter an Dokteren virun hirer Garangenaffoart während deem Zäitraum kënne parken, wou se hir Hëllefsdéngschter verriichten ouni datt se en Stroofziedel riskéieren;

dem zoustännegen Ministère respektiv dem Legislateur ze proposéieren esou en System landesweit anzeféieren am Interesse vun enger optimaler Aarbechtsweis fir d'Hëllefsdéngschter;

de Gemengebeamten (Pescherten) mat op de Wee ze gin, beim Parken vun Auto vun Hëllefsdénschter oder Dokteren méi felxibel virzegoen, waat d'Ausstellen vun Stroofziedelen fir falsch parken unbelaangt, wann erwisen ass, datt dëst am Déngscht vun enger optimaler Betreiung vun de Patienten ass.

Aly Jaerling
Gemengeroot